



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 16. Juni 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géing ech Iech bieden, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

An eisen Nopeschlänner gëtt et zum Deel en akute Mangel u Veterinären. An deem Kontext géing ech gär folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

- Wéi vill Veterinären gëtt et insgesamt zu Lëtzebuerg?
- Wéi vill Veterinären praktizéieren?
- Wéi vill Veterinären sinn am Beräich Groussvéi aktiv a wéi vill am Beräich Hausdéieren?
- Geet d'Zuel vun den aktiven Veterinären fir eng adequat Prise en Charge vun den Déieren duer?
 - Wa nee, wat fir Konsequenzen huet de Mangel u Veterinären fir d'Versuergung vun den Déieren insgesamt?
 - Ass Versuergung vum Groussvéi am Agrarsecteur nach garantéiert?
 - Wat wëllt d'Regierung géint des Penurie maachen?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert



Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6363 vun der éierbarer Deputéierten Martine Hansen

1. Wéi vill Veterinären gëtt et insgesamt zu Lëtzebuerg?

Am Rëgester hu mir 498 Vétérinären enregistréiert, déi eng Aarbeschtserlabnis zu Lëtzebuerg hunn.

2. Wéi vill Veterinären praktizéieren?

3 Wéi vill Veterinären sinn am Beräich Groussvéi aktiv a wéi vill am Beräich Hausdéieren?

Laut Rëgester si zu Lëtzebuerg 286 Vétérinären aktiv, dovun sinn der 43 als Fonctionnaires resp. Employéë ugestallt an 243 schaffen an enger Praxis. Dovun sinn 170 Veterinären fir kléng Déieren, 17 fir Päerd an 56 fir Notzdéieren (Ranner, Schwäin, Schof a Geessen, Gefligel).

4. Geet d'Zuel vun den aktiven Veterinären fir eng adequat Prise en Charge vun den Déieren duer?

D'Zuel vun de praktizéierenden Veterinären geet net duer, mee trotz Allem ass d'Versuergung vun den Déieren séchergestallt, bedéngt duerch den onermiddlechen Asaz vun de Veterinären, déi doduerch vill Aarbechtsstonnen a Kaf huelen.

- **Wa nee, wat fir Konsequenzen huet de Mangel u Veterinären fir d'Versuergung vun den Déieren insgesamt?**

Während d'Versuergung vun den Déieren während de normalen Bürosstonnen garantéiert ass, gëtt et mat der ablécklecher Zuel vun Veterinären ëmmer méi schwéier, en Garden System 24 Stonnen / 7 Deeg oprecht ze erhalen. Dëst gëllt besonnesch fir d'Veterinärskliniken.

Dat huet zur Folleg, dass verschidden Veterinären net nëmme daagsiwwer, mee och nuets schaffen müssen, an dat och de Weekend an op Feierdeeg. Hei bleift dann net vill Fräizäit, wat en negativen Afloss op d'Work-Life-Balance huet, sou dass e gewëssene Prozentsaz vun Veterinären hire Beruff fréizäiteg opginn, fir anere berufflechen Aktivitéiten nozegoen.

- **Ass d'Versuergung vum Groussvéi am Agrarsecteur nach garantéiert?**

D'Penurie vu Veterinären bezitt sech op déi verschidde Beräicher vun der Veterinärsmedezin, mee ass besonnesch gepräagt am Groussdéiereberäich, well hei vill Asaz gefrot ass, an dat zou egal wéi enger Stonn vum Dag inklusiv de Weekend an d'Feierdeeg. Och wann am Moment déi medezinesch Versuergung vun den Notzdéieren nach garantéiert ass, sou muss een awer no Léisunge sichen, fir datt dat an Zukunft esou bleift.

- **Wat wëll d'Regierung géint des Penurie maachen?**

Een éischte Schrëtt vun der Regierung war deen, dass d'Veterinärspäktiker fir d'Garden, déi si maachen, finanziell vum Staat entschidegt ginn. Des Entschidegung muss an Zukunft den neien Gegebenheeten vun der Präisinflatioun ugepasst ginn.

Am Beräich vun der Medezin vun den Hausdéieren gëtt sech Gedanke gemaach iwwert d'Aféierung vun Maisons médicales vétérinaires, wéi se och an der Humanmedezin funktionéieren, wat de Cliniques vétérinaires géing erlaben, sech op déi méi komplizéiert Fäll ze konzentréieren.

Lëtzebuerg, den 15. Juli 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN